



Léif Wëllefcher vun de *Loutres* a vun den *Echternocher Quaichleken* :

Dir sidd ugemellt fir dee grouse Wëllefcherscamp zu Déifferdeng ? Da kënt dir iech freeën op eng Woch voller super Aktivitéiten, Spill a Spaass am Scoutsgeescht. Hei wäerte mir deen 101. Gebuertsdag vun de Wëllefcher zu Lëtzebuerg feieren, vill nei Kollege kenne léieren an eng onvergiesslech Woch matenee verbréngen.

Mir freeën eis elo schonn drop, iech all kennen ze léieren !

Hei fannt dir lo nach wichteg Informatiounen fir iech a fir ä Elteren :

Wéini a wou geet et lass ?

Dënschdes, den **20.07.2021** ëm **16:00** Auer zu **Déifferdeng** bei der Woiwer Schoul (Rue Woiwer → genaue Plang hei ënnendränner)

Wéini a wou ass et eriwwer ?

Méindes, de **26.07.2021** ëm **12:00** Auer zu **Déifferdeng** bei der Woiwer Schoul

Wat muss ech matbréngen ?


Op der Materialslescht, déis du vun denge Cheffen geschéckt kritt hues steet alles drop.

Wat musse meng Elteren ëlo nach maachen ?

1. Den 2. Accompte vun **125€** op de Kont vum lokale Grupp iwwerweisen (**Délai 20.06.2021 !**)
2. D'**Fiche médicale** fir de Camp ausfëllen an ënnerschreiwen (heirop musst dir och ären Accord ginn, dass ärt Kand / är Kanner dierfen e **Covid19 Schnelltest** während dem Camp maachen. Ouni dësen Accord, ka kee Wëllefchen a keen Erwuessenen matgoen !) Dat Ganzt weg, per Mail un lx2020@fnel.lu bis spéitstens den 01. Juli.



Plang vum Site fir d'Arrivée an den Départ :



Erklärungen zum Plang :

Dir fuert an d'**Rue Woïwer** eran a béit déi zweet Strooss no lénks of. Hei haalt Dir iech no riets fir op d'Busspuer ze fueren (**net op de Parking!**). Dës ass extra fir eis gespaart an zur **Zone Kiss & Go** ëmfonctionéiert. Hei kënt dir kuerz stallhalen fir är Kanner rauszeloossen, hinnen hiere Rucksak ze ginn an Äddi ze soen. Et waarden Erwuessener vum Staff op si, fir si an Empfang ze huelen. Um Enn vun der Busspuer ukomm, béit Dir no lénks of an d'**Rue Neuwies** fir erëm Richtung Rue Woïwer fortzefueren.